E klenge Schrëtt fir mech E grousse Schrëtt fir meng Ëmwelt

WAASSER SCHÄTZEN

Ech dréie just sou laang op, wéi et wierklech néideg ass.

Zännwäschen ouni de Krunn zou ze maachen, verbraucht 20 Liter Drénkwaasser.

Ech huelen eng kuerz Dusch amplaz an d'Bidden ze goen.

Eng Bidde verbraucht sou vill Waasser wéi 4-5 Mol Duschen (40-60L vs. 120-200L).

Meng gëlle Reegel: eng voll Maschinn bei all Wäsch.

D'Wäschmaschinn an d'Spullmaschinn verbrauche vill Drénkwaasser.

Ech nätze meng Planze fréi moies oder spéit owes.

D'Nätze wärend de kille Stonne verréngert d'Verdonstung an optiméiert d'Absorbéieren.

Ech sammele Reewaasser fir Drénkwaasser ze spueren.

Reewaasser ass ideal fir Planzen ze nätzen, den Auto an d'Terrass ze botzen, ...

Futtis Krinn, Schläich oder Waasserleitungen?

Ech flécke se! Eng kleng Fuite kann all Dag Honnerte Liter Waasser verschwenden.

Kleng Kommissioun? Ech drécken de klenge Knäppchen.

1/3 vun eisem Drénkwaasser gëtt fir d'Toilettespülung benotzt.

Ech drénke Waasser vum Krunn.

D'Waasser vum Krunn ass gesond a vill méi bëlleg ewéi Fläschewaasser. Hopp, ech fëlle mäi Bidon!



Ech soe Stop zu Gëftstoffer, well alles lant am Waasser!

Ech vermeide Pestiziden a privilegéieren ëmweltfrëndlech/ biologesch ofbaubar Produiten.

Méi zum Theema! → klengschrett.lu / teamwaasser.lu

Editeur:
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu

Partner:
Administration de la gestion de l'eau
Grand-Duché de Luxembourg

Gemeng Mamer